

mengen, wann et ee Punkt gött an där neier Verfassung – eng Verfassung, déi gött net méi geschriwwen fir 175 Joer –, deen eis opfällt, wou ee muss nobesseren, da fällt engem keen Zack aus der Kroun, wa mer dat musse maachen.

En attendant gleewen ech alle Kolleegen, déi an der Institutionskommission sinn, dass esou Situatiounen vun hinnen net gewollt sinn, an do gouf et eng ganz grous Unanimitéit an eiser Institutionskommission.

Dat gesot, soen ech Merci an ech bréngen den Accord vun eiser LSAP-Fraktioun.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President, och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Charles Margue. Mir kënnen dat hei selbstverständlech och matdroen. Mir hunn e bëssen e Regret bei där Saach hei. Dat ass, datt mer d'Verfassungsgericht net nach méi kënnen stärken. Et wär eise Wonsch gewiescht als ADR an der Verfassungsdiskussion, fir dem Verfassungsgericht nach vill méi Rechter ze ginn an notament och de Bierger d'Recht ze ginn, fir direkt kënnen un d'Verfassungsgericht erunzrieden. An anere Länner ass dat de Fall. Mir hätten eis gewënscht, datt dat och hei kéint de Fall sinn, a mir wäerten och weiderhin d'fir anrieden, datt mer dat enges Daags hei am Land och kréien.

Dat gesot, wëll ech just soen, datt déi Observatiounen, déi elo gemaach goufen, och vum Här Gloden, och eis Zoustëmmung kënnen fannen. A mir ginn och selbstverständlech den Accord hei zu dëser Proposition. Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci och vun eiser Säit un de Rapporteur nach eng Kéier. Jo, mir droen dat heiten natierlech och mat, an et ass scho grad gesot ginn: Mir wëlle keng Familjeclanen heibannen. Mee da géif ech awer och soen: Mir wëlle keng aner Clanen. Do kann een och u ganz aner Saachen denken. Mir wëllen eng gewësse Villfalt heibannen hunn, sou wéi et an der Gesellschaft ass. Dann denken ech erëm un den Droit de vote. Dann denken ech och drun, dass mer hei awer gewësse sozio-ekonomesch Schichten hunn, déi méi representéiert sinn, wéi se an der Gesellschaft representéiert sinn.

(Interruption)

Also, et muss een awer och an deem Kontext ... Et kann een aushuelen a soen: Déi Diversitéit, déi et an der Gesellschaft gött, gött et net onbedéngt an der Chamber.

Voilà, merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten), coauteur | Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur Charles Margue. Ech mengen, mir sinn eis deem Problem bewusst, deen elo e bëssen entstanen ass, deen e bësse malgré nous entstanen ass, datt ... Et ass u sech eng Disposition, wou et Unanimitéit an der Chamberskommission gouf, fir ze soen: Mir wëllen u sech keng Familljen ... oder zumindest keng direkt Familljemembere gläichzäiteg an der Chamber setzen hunn, well mer awer e relativ klengt Parlament sinn. Doriwwer ware mer eis alleguerter politesch eens. Et ass eeben elo duerch formell

Reegelen, datt dat dann awer méiglech gött. Mir hunn eis dann och alleguerter jo e bëssen an d'Ae gekuckt a gesot: Et ass net dat, wat mer wëllen!

Bon, elo kann ech awer der Madamm Oberweis zum Beispill soen, datt hire Papp dann awer elo an Zukunft erëm dierft an d'Chamber kommen, wann en nach eng Kéier wëllt matgoen, a si gläichzäiteg och hei dierft setzen. Idem bei ganz anere Leit, déi heibannen och familiär an der nämmelechter Partei oder och deelweis parteiwwergräifend engagéiert sinn. An dat géif vläicht och fir déi eng oder aner interessant Konstellatioun suergen. Et ass awer net dat – an dat wëll ech nach eng Kéier soen –, wat mir als Legislature, wat mir heibannen och an der Kommission eis u sech als Zil gesat hunn, a mir wäerten och, sou wéi ech d'Kommission verstanen hunn, nach eng Kéier op déi heiten Disposition um Verfassungsniveau mussen zrëckkommen. Dat wäert awer net méi dës Legislature a sécher net virun dëse Wale geschéien.

An d'fir, mat all deenen aneren Ännerungen, op déi mer am Detail agaange sinn, si mer averstanen, an ech ginn eisen Accord.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister Marc Hansen.

Prise de position du Gouvernement

M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement | Jo, Här President, d'Regierung an d'Chamber hunn mengen ech, am Ufank ganz gutt hei enk zesummegehaaft an och zesummen decidéiert, dass dat hei eng Proposition de loi sollt ginn.

D'fir wëll ech och elo net méi laang iwwert de Contenu schwätzen an Iech natierlech elo de Vott loossen, fir selwer doriwwer ze decidéieren, wéi et dann heimaad der virunzegoen huet.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Minister Marc Hansen.

Da kënnen mer elo zum Vott kommen iwwert d'Proposition 8181. Den Text steet am Document parlementaire 8181⁶.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8181 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëtter erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi ass mat 52 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun uegholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf et Marc Spautz ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann et M. Claude Lamberty ;

Mmes Simone Asselborn-Bintz, Tess Burton, Francine Closer, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 8056 – Projet de loi portant modification :

1^o de la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice ;

2^o de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat

Mir kommen elo zum Projet de loi 8056, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Dierwiechter an d'Affekoten. De Rapporteur ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Ech hunn elo d'Charge, fir e weidert Gesetz am Justizwiesen ze rapportéieren. Et geet em d'Dierwiechter an d'Affekoten, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Den 8056 gouf den 28. Juli 2022 vun der Justizminister Sam Tanson deposéiert an de Projet huet just zwee Artikelen. Den 23. November war en an der Justizkommission an de Rapporteur gouf bestëmmt. An där Sitzung waren och Verrieder vum Barreau fir e Meenungsaustausch.

Den Avis vum Staatsrot krute mer de 14. Mäerz 2023 an d'Kommission huet sech de 24. Mee dermat befaasst, Amendements parlementaires uegholl an déi op den Instanzewege geschéckt. De Staatsrot huet du ganz schnell de 6. Juni säin Avis complémentaire ginn. Mir hunn deen an der Justizkommission de 14. Juni analyséiert a konnte feststellen, dass de Staatsrot eis Gréng Luucht ginn huet an d'Oppositions formelles opgehuewe goufen dank den Amendementer. Den 21. Juni hu mer dunn elo de Rapport uegholl.

Mir kruten nieft den zwee Avisa vum Staatsrot aacht Avisa, notament vun den Dierwiechter a vum Barreau, déi de Projet begréisst hunn, an déi aner sechs ware vun de Justizautoritéiten: Friddensrichter vun Esch, Dikrech an der Stad, der Cour supérieure, dem Parquet général – alleguerter positiv, déi zwee lescht mat Suggestiounen, wat d'Besetzung ueget vum Grebmis, fir d'Disziplinarinstanz bei den Affekoten ze besetzen.

Em wat geet et? Mir maache Modifikatiounen am Gesetz vum 4. Dezember 1990 iwwert d'Dierwiechter an am Gesetz vum 10. August 1991 iwwert den Affekotereff. Bei den Dierwiechter geet et notament dore, an der Organisation eppes virzegesinn, fir Dierwiechter ze ersetzen, déi während enger laanger Zäit mussen ersat ginn. Konkreet: Wann en Dierwiechter méi laang wéi dräi Méint ausfällt, kann e vun engem aneren Dierwiechter oder engem Dierwiechtersuppleant ersat ginn. Dat zu den Dierwiechter.

Zu den Affekoten: Do geet et em Disziplinarsanktiounen, em d'Pouvoir vum Bâtonnier, de Fonctionnement vum CDA – CDA, Conseil disciplinaire et administratif – an zousätzlech hu mer dann och vun dësem Gesetzesprojet profitéiert, fir eng Lëscht VII anzeféiere bei den Affekoten, déi aus Nordirland, aus dem Vereenegte Kinnekräich Groussbritannien kommen, fir dass déi zu Lëtzebuerg dierfen net Affekot sinn, mee „conseils juridiques, [...] uniquement dans la matière du droit international public (à l'exception

du droit de l'Union européenne", dass se déi d'äerfe prestéieren. Dëst ass virgesi gewiescht am Kader vun engem Agreement, wat vum 24. Dezember 2020 ass. Wann Der Iech nach këntt erënneren, dat war den Trade and Cooperation Agreement tëscht England – enfin Groussbritannien – an der EU.

Et gëtt elo um Barreau e Casier des avocats geschaf, deen net ëffentlech ass – also et ka kee kucke goen do –, mee wou all d'Sanktiounen opgeléicht sinn, déi géint den Affekot verhaange goufen am Kader vu senger Berufskarriär. Souwuel de Conseil de l'ordre wéi de CDA, d'Appellinstanz, kënnen Abléck an dee Casier kréien. Kleng Sanktiounen – op Franséisch „sanctions mineures“ – ginn no fënnf Joer gestrach. Bei méi klengen Verfeelungen am Kader vun der Lutte géint de Blanchiment an de Finanzement vum Terrorismus kann de Conseil de l'ordre och direkt sanctionéieren, an domat geet dat schnell iwwert d'Bün.

Déi Affekoten, géint déi eng Radiation à vie gesprach gouf, kënnen no zéng Joer froen, erëm opgeholl ze ginn, wann aussergewöhnlech Ëmstänn virleien.

D'Amenden, déi gesprach kënne gi géint d'Affekoten, déi ware wirklech net méi ugepasst ginn zënter 1999. Elo kënne se tëschtent 1.000 an 100.000 Euro leien a sollen deemno méi dissuasiv si wéi bis elo, wou de Maximum bei 20.000 Euro louch.

De Bâtonnier kritt méi ze soen, méi Pouvoiren, fir en urgence kënnen anzegräifen, wann et néideg ass. Zum Beispill kann en Affekot vum Bâtonnier verbuede kréien, während dräi Méint e Fouss an e Gericht ze setzen. Verlängert kann dës Mesur gi mam Accord vum Conseil de l'ordre, nodeems den Affekot gehéiert gouf.

De CDA, de Conseil disciplinaire et administratif – mir hu méi Affekoten, donc och méi Affären –, gëtt opgestockt vu fënnf op néng Affekoten an och d'Zuel vun de Suppléanten – wéi gesot, noutwenneg, well méi Affäre virleien.

An et gëtt eng Appellinstanz geschaf, de Conseil disciplinaire et administratif d'appel. Dee setzt sech zesummen net aus Affekoten, mee aus zwee Magistraten aus der Cour d'appel, zwee vun der Cour administrative an dann och als Assesseeuren dräi Affekote vun der Lëscht I vum Tableau vun den Affekoten.

Weider Detailer iwwert de Fonctionnement vun dësen Instanze stinn am Gesetz an a mengem schrëftleche Rapport. Avis aux amateurs fir déi, déi méi wëllen doriwwer gewuer ginn a se wëlle wëssen. Ech sinn heimat um Schluss, ginn den Accord vun der grénger Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen dem Här Rapporteur Charles Margue Merci a ginn d'Wuert un den Här Léon Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden (CSV) | Merci, Här President. Merci nach eng Käier dem Rapporteur och fir dës schrëftlechen a mündleche Rapport. De Rapporteur ass op d'Detailer vun dësem Projet de loi agaangen. Et geet em zwou Kategorië vum Justizsystem. Dat engt sinn d'Dierwiechter. Et ass elo méiglech, dat och eeben en Huissier suppléant (veuillez lire: en Huissier titulaire) kann en Dierwiechter ersetzen, wann e méi laang wéi dräi Méint absent ass. Bei den Affekote kommen eng ganz Rei Ännerungen, de Rapporteur Charles Margue ass dorobber agaangen. An ech ginn domadder den Accord vun der CSV-Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Gloden. An d'Wuert geet weider un den Här Guy Arendt.

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Ministesch, fir d'éischt, fir datt ech et net erëm eng Käier vergiessen, dem Charles Margue e grouse Merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. A wéi de Rapporteur vun dësem Gesetzestext et schon erkläert huet, gesäit dës Projet de loi eng Partie Ännerungen un zwee Gesetzter aus der Justice vir. Engersäits um modifizéierte Gesetz vum 4. Dezember 1990 iwwert de Service vun den Huissieren an anerersäits um modifizéierte Gesetz vum 10. August 1991 iwwert de Beruff vum Affekot.

Den Artikel 1 vun dësem Gesetz vereinfacht d'Laangzäitremplacement bei den Huissieren. Den Artikel 2 adaptéiert eng Rei Dispositionen iwwert de Fonctionnement vum Conseil disciplinaire et administratif, d'Sanctions disciplinaires fir d'Affekoten, d'Pouvoir vum Bâtonnier an den Droit d'exercice fir d'Affekoten aus Groussbritannien an Nordirland, déi sougenannt Lëscht VII.

Wat den éischten Artikel betrëfft, begrëssen ech, datt ... oder mir als DP begrëssen, datt Laangzäitremplacement bei den Huissieren an Zukunft net méi just vun engem Suppléant, mee och vun engem Huissier titulaire kënne gemaach ginn, souguer aus der eegener Etüd. Och wann et zimmlech selte virkënn, datt en Huissier fir méi wéi dräi Méint muss ersat ginn, sou ass et wichteg, datt mir d'Continuitéit vun dësem Service zu all Zäit kënne garantéieren. Ech denken do zum Beispill un de Fall vun enger laanger Krankheet – wat een natierlech kengem wënscht, mee dat kann alt emol virkommen – oder engem Congé de maternité, wou schnell en Ersatz fir déi be-
traffe Persoun muss fonnt ginn.

Dës kleng Gesetzesännerung ass virun allem interessant fir Huissieren, déi an enger Etüd zesummeschaffen, well een hei an Zukunft net méi op e Suppléant vu bause muss zeréckgräifen, mee de Remplacement ganz einfach vun engem Associé kann assuréiert ginn. Dës Ouverture entsprécht och genee der Demande vun der Chambre des huissiers, déi sech méi Spillraum an deem Sënn gewünscht huet.

Wat den Artikel 2 vun dësem Gesetzesprojet betrëfft, begrësse mir an der DP virun allem, datt mir de Conseil disciplinaire et administratif mat zousätzlechem Personal opstocken. An de leschte Joren ass d'Unzuel un Disziplinarfäll bei den Affekoten hei zu Lëtzebuerg konstant an d'Luucht gaangen, leider, mee wat ënner anerem och dorunner läit, datt mir ëmmer méi Affekoten hei am Land schaffen hunn.

Duerch dësen Trend riskéiere mir allerdéngs, datt de Conseil iergendwa mat senger Aarbecht iwwerlaascht gëtt an et zu Engpäss beim Traitement vun den Dosiere kënn, wat och net gutt ass fir d'Saach. Ech sinn dofir fro, datt mir mat dësem Projet de loi véier nei Posten a véier nei Suppléanten am Conseil schafen.

Och d'Erweiterung vum Pouvoir d'injonction vun de Bâtonnieren kann ech nëmme guttheeschen, well mir doduerch urgent Schutzmoosname méi schnell kënnen treffen. Ech wëll op dëser Plaz dorun erënneren, datt mir mat dëser Ännerung net just Persounen viru Gericht souwéi d'Éier an d'Berufsbild vun den Affekote stäerken, mee och de Schutz vun den Affekote selwer.

Här President, de Rescht, géif ech soen, ass vun de Virriedner scho gesot ginn an, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Arendt. An da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President, a merci och dem Här Margue fir säin ausféierleche

Rapport. Ech kann d'Zoustëmmung vun der LSAP ginn.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Cruchten. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President, ech soen Iech Merci. An ech soe virun allem eise Rapporteur, dem Charles Margue, villmools Merci, dee sech haut nach manner wéi soss ka bekloen, datt hien net genuch Aarbecht hätt. Well ech mengen, mir erliewen hien haut dacks am Asaz, an e grouse Merci dofir. Hien huet eis iwwerzeegt mat allem, wat hie gesot huet. Mir droen deen heie Projet selbstverständlech och gär mat.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Nathalie Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci och. Ech si ganz kuerz: Mir ënnerstëtzen dat hei och a soen och Merci dem Rapporteur. Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Charles Margue, an och mir ginn eisen Accord.

M. Fernand Etgen, Président | D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, merci villmools Iech alleguer. Merci och dem Rapporteur fir seng gutt Aarbecht hei an Iech fir d'Zoustëmmung. Dee Projet – Dir sidd am Detail dorobber agaangen, ech maachen dat elo net méi – ass a ville Reunione mam Barreau zesummen ausgeschafft ginn an dofir kann ech mech nëmme ëmsou méi freeën, dass Der alleguerten och heimadder averstane sidd. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8056. Den Text steet am Document parlementaire 8056¹².

Ech wollt awer nach drop hiweisen, datt am Artikel 1 véier Trackchanges nach hu missen ewechgeholl ginn. Beim éischte Paragraf waren d'Opzielungen a), b) an c) nach ënnerstrach a beim Paragraf 7 war bei der Opzielung 2bis de „bis“ nach ënnerstrach. Mir stëmmen elo iwwert den Text ouni dës Trackchanges of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8056 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Paul Schaaf), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann,

MM. Pim Knaff (par Mme Barbara Agostino), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton (par Mme Francine Closener), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 8109 – Projet de loi portant modification de :

1^o la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ;

2^o la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif ;

3^o la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives ;

en vue du renforcement des effectifs de la justice administrative et de la numérisation des procédures urgentes devant le tribunal administratif

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet de loi 8109 iwwert d'Ëmsetzung vum Projet „Paperless Justice“ am Kader vun der Digitalisation vun de Gerichtsprozeduren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur vum deemem Projet de loi ass – wéi kéint et anescht sinn? – den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, et ass de leschte Rapport, wann ech richtig informéiert sinn, fir haut bei mir. E weidert Gesetz rapportéiere mer am Kader vum Digitaliséierungsprozess vun der Justiz, e Projet, deen och „Paperless Justice“ genannt gëtt.

De Projet de loi 8109 gouf den 1. Dezember 2022 vun der Justizministesch Sam Tanson deposéiert. Den 22. Mäerz war en an der Justizkommission an de Rapporteur gouf bestëmmt. Den Avis vum Staatsrot krute mer den 31. Mäerz dës Joer an d'Kommission huet sech den 19. Abrëll dermat befaasst an e puer Amendementen ugeholl an op den Instanzeweeg geschéckt. De 16. Mee huet de Staatsrot säin Zousazavis ginn. Mir hunn deen an der Justizkommission de 24. Mee analyséiert a konnte feststellen, dass de Staatsrot Gréng Luucht ginn huet vum Projet. De Rapport hu mer de 14. Juni dunn ugeholl.

Dës Gesetzprojet concernéiert d'Digitalisation vun administrative Prozeduren an der Justiz am Kader vum Projet „Paperless Justice“, och JUPAL genannt. Heimat setze mir eng éischter Etapp vun dëser Reform ëm a schafen dofir eng legal Basis. Et ass en Ufank, eng Base légale gëtt geschaaft fir alles, wat nach no-kënn, net just an deemem Gesetz.

Zousätzlech gëtt duerch dës Gesetzestext derfir gesuergt, datt d'Conseils de l'ordre vun den zwee Barreaux zousätzlech Attributiounen zougedeelt kënnen kréien, nämlech d'Zertifizéiere vun elektronischen „espaces professionnels“ vun den Affekoten, fir sech op den Austauschplattformen kënnen unzemellen. Ausserdeem gëtt eng Basis geschaaft, fir weider Leit am administrative Beräich anzustellen.

D'Zil ass et, d'Kommunikatioun an den Austausch ënnert deene verschiddenen Acteuren am Justizberäich zu Lëtzebuerg, intern an extern, ze dematerialiséieren, also pabeierfräi ze maachen. Och gëtt e Referenzportal geschaaft, wou en Ensembl vun Initiativen dran ass, deen als Zil huet, Echanges a Form vum Pabeier step by step ze reduzéieren – also net vun haut op muer. Dës Programm besteet am Ganzen aus 13 Projeten, déi parallel lafen an och ëmgesat ginn.

Kuerz zum Kontext: Am Kader vun engem Pilotprojet, deen an Ofstëmmung mat den zwee Barreaux an dem Verwaltungsgericht an d'Liewe geruff ginn ass, gouf decidéiert, an enger éischter Etapp d'Numeriséierung vun urgenten a méi einfache Prozeduren, dat heescht „sursis à exécution“ a „mesure de sauvegarde“, an d'Weeër ze leeden, fir esou unzefänken. All d'Modalitéiten an d'Programmation vum Pilotprojet sinn aktuell esou wäit avancéiert, datt et elo un der Zäit ass, déi gesetzlech Basis fir d'Ëmsetzung ze schafen.

An dann am Kader vun der mëttelfristeger Verallgemeinerung vun der Digitalisation vun allen Echanges vun de Verwaltungsgerichter ass ze ënnersträichen, datt et wichteg ass, dës Prozedur no an no, étape par étape, unzegoen, well et geet ëm eng immens technesch komplex Matière. Et ass eng grouss Reform, déi och e Mentalitéitswandel mat sech bréngt oder besser gesot e Mentalitéitswandel erfuerdert.

Och bei der Requête introductive sollen all Dokumenter elektronesch vermëttelt ginn. Bei Dokumenter, déi confidentiel sinn oder schwéier digitaliséiert kënnen ginn, besteet trotz allem nach ëmmer d'Méiglechkeet, et a Pabeierform beim Greffe ze deposéieren.

Bei den Delaie gëllt ëmmer den Datum vum Depot op der Plattform an et leeft d'selwecht of wéi a Pabeierform. Den Dag huet 24 Stonnen an deem Fall. Den Telechargement ka 24/24 Stonne gemaach ginn. Nom Erofluende checkt de Greffe d'Donnéeën a kreéiert en Dossier.

De Conseil de l'ordre huet d'Aufgab, derfir ze suergen, datt den Tablo mat der Lëscht vun den Affekoten, déi zertifizéiert sinn, à jour gehale gëtt. Dat ass och erëm wichteg, fir dass een zouverlässeg weess, wien zertifizéierten a wien net zertifizéierten Affekot ass.

Virun der éischter Notzung vun der Plattform muss all Affekot – all Affekot! – säin „espace professionnel électronique“ offiziell ufroen. D'Demande gëtt da weidergeleet virun de Conseil de l'ordre, fir d'Zertifikation, also d'Identitéit, ze kontrolléieren.

De Projet de loi ännert dann och eng Rei Punkten a Relatioun mat der Organisation vun de Verwaltungsgerichter. E puer nei Elementer:

Et gëtt en zweete Posten als Vizepräsident beim Verwaltungsgericht geschaf, awer dës ab dem 16. September 2025.

D'Nominatioun vun alle Magistrate gëtt vum Grand-Duc op der Basis vun der Proposition vum Nationale Justizrot gemaach gëtt, deen och vun e Samschdeg op e Sonndeg da wäert a Kraaft trieden.

Den Tribunal administratif – lauschttert gutt! – kritt eelef nei Posten derbäi fir eng begrenzt Period vun

dräi Joer. D'Unzuel gëtt also vun 18 op 29 erhéicht. Domat sollen och d'Karriärspektive beim Tribunal administratif gläichzäiteg opgewäert ginn.

D'Unzuel vun de Kummere beim Tribunal administratif gëtt erhéicht vu véier op siwe fir eng Period vun dräi Joer. Hei si mer ënnerwee, fir eng Partie Retarde kënnen opzeschaffen.

D'Verwaltungsgericht kritt och d'Méiglechkeet, spezialiséiert Kummere ze schafe fir verschidden Typen vu Contentieux. Dës ginn all Joer nei determinéiert. D'Viraussetzung ass, dass d'Magistrate an deem betraffene Beräich – eng grouss Problematik hei zu Lëtzebuerg – spezialiséiert sinn. Zum Beispill soll eng Kummer geschaf ginn, déi op Immigration spezialiséiert ass, fir ënner anerem Affäre méi schnell evakuéieren ze kënnen an an der néideger Kohärenz vun der Jurisprudenz.

Dës neit Gesetz wäert de 16. September 2023 a Kraaft trieden, dës Joer also, also den éischten Dag vum Gerichtsjoer 2023/2024. Dës nei Prozedur zur Nominéierung an der Magistratur, déi trëtt, wéi gesot, den 1. Juli a Kraaft.

Avisé krute mer, ausser deene vum Staatsrot, vun der Cour administrative a vum Barreau aus der Stad. Generell gouf an den Avis festgehalen, datt eng Digitaliséierung vun de Prozeduren indispensable fir d'Zukunft ass a follgendermoossen e Schratt an déi richteg Richtung. D'Avisé waren all positiv, wat d'Zilsetzung vum Gesetz ugeet, an déi juristesche Remarke hunn et erlaabt, den Text ze verbesseren. Merci dofir! Domat sinn ech um Enn vum mengem mëndleche Rapport.

Wéi gesot, Detailer sinn am schrëftlechen an ech ginn, ier ech et vergiessen, den Accord vun der gréngeger Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren. Voilà!

Plusieurs voix | Très bien!

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Rapporteur Charles Margue.

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Dat war dee leschte fir haut.

M. François Benoy (déi gréng) | Merci, Charel!

M. Fernand Etgen, Président | An da kritt d'Wuert – och eng lescht Kéier fir haut – den Här Léon Gloden.

Plusieurs voix | O!

Mme Martine Hansen (CSV) | Et wees een ni!

Discussion générale

M. Léon Gloden (CSV) | Merci, Här President. Merci dem Charles Margue fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dës Projet de loi huet zwee wichteg Eckpunkten. Den éischten Eckpunkt ass och ëmmer erëm eng Fuerderung vun der CSV gewiescht, dat ass d'„Paperless Justice“. Peu à peu komme mer dohinner, Schrëtt fir Schrëtt. „Mühsam ernährt sich das Eichhörnchen... Eichhörnchen“, ...

(Hilarité)

... mee mir kommen dohin. Ech ginn net ze vill do-robber an, well ech sinn elo net de grouss Spezialist vun der „Paperless Justice“.

Den zweeten Eckpunkt – an deen ass gradesou wichteg –, dat ass d'Opstockung net nëmmen op der enger Säit vun de Magistrate bei de Juridictions administratives, mee och d'Opstockung vun de Chambres vun de Juridictions administratives, an dat geschitt net hauruck, mee dat geschitt iwwert déi nächst zwee, dräi Joer. An dobauss sinn d'Leit sech och vläicht net ëmmer bewosst: Den Tribunal administratif huet ganz vill